

Sommaire

- 1. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)
 - *Exposé de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances*
- 2. Dépôt d'un projet de révision de la Constitution
 - *M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État*
- 3. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)
 - *Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget*
- 4. Motion de M. Charles Goerens relative au dépôt d'un projet de budget rectifié pour l'exercice 2009
 - *Discussion générale: M. Ben Fayot, M. Charles Goerens, M. Michel Wolter, M. Ben Fayot, M. François Bausch, M. Gast Gibéryen, M. Charles Goerens, M. Alex Bodry, M. Charles Goerens*
 - *Vote (motion rejetée)*
- 5. 5855 - Projet de loi
 - a) relatif aux piles et accumulateurs ainsi qu'aux déchets de piles et d'accumulateurs
 - b) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets
 - *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Roger Negri*
 - *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.
Huet d'Regierung der Chamber eng Mat-deelung ze maachen?

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.- Si hätt, mä si mécht se net.
(Hilarité)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen direkt zum éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass den Exposé vum Här Stats-a Finanzminister Jean-Claude Juncker zum Statsbudget fir d'Joer 2009. Här Stats-minister, Dir hutt d'Wuert.

1. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)

Exposé de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Liewen ass wéi et ass, an dat, woumat ee sech ze beschäftegen hätt, ass net ëmmer dat, woumat ee sech beschäftege kann. An dat huet zur Konsequenz, dass déi Ried, op déi ech mech wollt seriö virbereeden, enger seriöer Virbereedung ënnerworf ginn ass, mä kenger preziser Redaktioun konnt ënnerworf ginn, well aner Evenementer een dovun ofgehalen hunn.

Ech wëll zwou oder dräi Virbemierkunge maachen, vun deenen eng ze kuerz ausfällt, zwou anerer vläicht ze vill breet geroden.

Déi éischt, déi ze kuerz ausfällt, ass, dee Respekt, deen ech dem Rapporteur vum Budget fir d'Joer 2009, dem Kolleeg Norbert Hauptert, wëll soen. Deem seng Ried ech net mat vornehmer Distanz, mä mat intensivem Interessi nogelauschtert

hunn, obschonn ech parallel mat aneren Affären, déi ee kann als Statsaffäre bezeichnen, occupéiert war.

Ech wollt him just soen a mengem perséin-lechen Numm, am Numm och vun der ganzer Regierung, dass mer fannen, dass en eng extraordinär wäertvoll Aarbecht hei am Parlament virgeluecht huet. Wat mech, well ech e scho méi laang kennen, net gewonnert a verwonnert huet. Mä wat awer déi analytesch Admiratioun vun deenen, déi fir d'Statsfinanzen a fir d'Regierungs-geschäfte zoustänneg sinn, no sech zitt.

Dat war eng extrem gutt Aarbecht, där ech mäi Respekt wëll zollen. Wéi ech iwwer-haapt fannen, dass een dem Parlament soll Respekt zollen, do, wou et ëm seng essen-zielli Attributiounen geet.

» Plusieurs voix.- Très bien! Merci!

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.- Dat Zweet ass, dass ech leider Gottes an der Situatioun sinn, dass ech um hallwer véier den iresche Premier muss empfänken - enfin, muss;...

(Hilarité et interruptions)

...wëll, soll an och dierf -, well e just mat engleschen, mat däitschen a mat fran-séische Spätzepolitiker dës Woch zesum-mentrëfft. An ech fannen, dass et gutt ass, wa mir als eent vun de klangste Länner vun der Europäescher Unioun och mam iresche Premier schwätzen. Dat ass kalendaresch net aneschot organisatiounell méiglech ge-wiescht. Mä Dir verstitt ganz gutt, dass ech mech dofir muss méi kuerzfaassen, wéi ech dat eigentlech wollt, mä dat soll an Ärem Interessi sinn.

Déi drëtt Remarque ass, dass mer iwwer alles dat, wat eist Land de Moment be-weegt, an dat, wat d'Institutiounen duerch-leeft, eis sollen op eis immédiate Aufgabe konzentréieren an déi net aus den Ae ver-léieren.

D'Geschicht gëtt enges Dags geschriwwen. Ech menge virauszegesinn, wéi se géif ge-schriwwe ginn. Mä d'Immédiatitéit vun den Evenementer verlaangt Äntworten am Présent, an déi musse mer probéieren no Méiglechkeet zesummen an dësen Deeg ze ginn.

Mir sinn an enger aussergewöhnlecher wirt-schaftlecher a finanzieller an doraus resul-

téierender sozialer Situatioun. Mir hunn nach ni - ech weie meng Wierder -, zënter dem Ufank vun den 30er Joren, esou eng aussergewöhnlech wirtschaftlech Situatioun duerchschréide missen, wéi déi, déi mer de Moment duerchschréide mussen. Dat bënnt déi wäertvollst Energië vun der Regierung, och déi talentéierst Energië vun dësem Haus, an dorop hu mer eis de Moment ze konzentréieren.

D'Geschicht kann een ëmmer an d'Zukunft eraschreiwën, mä d'Realitéit vum Moment verlaangt, well se Exigence vum Moment produzéiert, een Handelen am Moment. Dorop solle mer eis haut an an deenen nächsten Deeg konzentréieren.

Ech si wéi anerer der Meenung, dass een och siwen, aacht, néng Méint virun de Wahlen - ech zielen dat net an Deeg an och net a Méint -, ech sinn der Meenung, dass een och e puer Méint virun de Wahlen - do geet et ëm d'Wirtschaft, geet et ëm d'Fi-nanzen - dem Lëtzebuerger Land an de Lëtzebuerger an och deenen aneren, déi bei eis wunnen, muss d'Wourecht soen, déi ganz Wourecht.

Et huet kee Sënn, obschonn ech Ver-ständnis derfir hunn, lénifiant berouegend Kommentaren ofzeginn an engem Moment, wou een, dat muss ech zouginn, net am vollen Empfang weess, wéi ee sech richtig soll de Moment an an den nächste Méint behuelen.

Ech hu geléiert, obschonn ech ni Coursen doriwwer geholl hunn, dass et net gutt ass fir een, vun deem déi aner soen, e wier de Chef vun der Regierung - ech wëllt dat wier integral esou -, dass dee soll berouegend wierken.

Ech sinn och der Meenung, dass een net dierf hektesch sinn an enger Situatioun wéi an där, an där mer sinn. Mä ech hu keng Loscht, obschonn ech weess, dass et psy-chologesch ëmmer méi interessant ass d'Leit ze berouegen, d'Leit un der Nues erëmféieren. Dat mécht kee Sënn.

D'demokratesch Responsabilitéit verlaangt, dass ee seet, wat ee mengt ze wëssen.

Ech hunn och um Enn vun där leschter Legislaturperiod, bei der Presentatioun vum Budget 2004 heibanne gesot, am Numm vun enger anerer Koalitioun - ech muss jo dauernd fir aner Gruppéierungeschwätzen -, d'Joren 2005 an 2006 géife schwéier ginn. Deemools ass mer vun der deemoleger Op-position entgéintgehalde ginn, et soll een d'Leit net nervös maachen.

Haut, ënner ëmgedréintene Vir- an No-zeechen, gëtt mer vun der heiteger parla-mentarescher Oppositioun ofverlaangt, déi ganz Wourecht ze soen. Ech halen dat fir eng gutt Démarche. D'Wourecht ass, dass mer an där dërfster Wirtschaftskris stiechen zënter den 30er Joren. D'Wourecht ass, dass déi Wirtschaftskris, well se op eng Finanzkris zrëckgeet, haaptsächlech de Finanzsektor zu Lëtzebuerg touchéiert, an d'Wourecht ass, dass et kaum ee Land op der Welt gëtt, wat esou staark ofhängeg ass vun de Finanzdéngschtleeestunge wéi Lëtzebuerg.

D'Wourecht ass ergo, dass et kaum ee Land an Europa gëtt - obschonn d'Chifferen de Moment de Géigendeel weisen -, wat esou staark wäert impaktéiert gi vun de blei-wende Schläifspuren vun där Finanz- a Wirt-schaftskris.

Ech soe Schläifspuren, well Schläifspuren entstinn eréischt no Bremsmanövere res-pektiv no Opprallereien am Stroosse-verkéier. Schläifspure sinn d'Resultat vun engem Accident, dee verhënnert ginn ass, oder vun engem Accident, dee stattfonnt huet. Duerfir wonneren ech mech iwwert déi semantesch Ridiculiséierung vun där Expressioun Schläifspuren, déi ech viru Méint gebraucht hunn. Schläifspure sinn e Resultat, si sinn net den Ufank vun engem Prozess.

Mir sinn an enger Kris. Mir sinn an enger Kris, déi sech global nennt. Mir sinn an enger Kris, déi sech europäesch be-schreiwelësst, a mir sinn an enger Kris, déi Resultater zu Lëtzebuerg produzéiert, déi net positiver Natur sinn.

Ech sinn der Meenung, an déi Zuele vum prognostizéierte Wirtschaftswuesstum an der Eurozon an zu Lëtzebuerg weisen dat, dass Lëtzebuerg, e Land, wat nach net an der Rezessioun ass, ee Land riskéiert ze ginn, wat geschwënn an der Rezessioun wäert sinn. Loosse mer hei keng se-

mantesch Debatten iwwert d'Bedeitung an d'Significatioun vu Wierder féieren.

Mir wuessen daitlech méi lues am Joer 2009 wéi mer am Duerchschnëtt vun deene leschten 20 Joer gewuess sinn. Mir kréien daitlech manner Aarbechtsplaze bái an deem nächste Joer an am iwwernächste Joer wéi dat, wat mer an der Vergaangen-heet gewinnt waren. Mir kréien e Chômage, deen am Joer 2009 an 2010 daitlech méi héich wäert si wéi deen, dee mer an de leschte Jore gewinnt waren.

Fir dat ze verstoppén, mécht kee Sënn. Fir sech domat ofzefannen, mécht och kee Sënn. Fir dorop ze reagéieren, mécht all Sënn.

Mir wäerten am Joer 2009, contrairement - an dorop kommen ech nach am Detail zrëck, well dat eng seriö parlamentaresch Erausforderungsfro ass -, méi Defizit maache wéi deen Excédent, dee mer am Budgetsprojert fir d'Joer 2009 virgesinn hunn. Wéi vill, weess ech net. Wéi een e ka contenéieren, maïtriséieren, doriwwer hu mer bestëmmte Virstellungen.

Mir wäerte manner Wuesstum hunn am Joer 2009 wéi deen, dee mer ugeholl hunn, wéi mer am September, Oktober vun dësem Joer de Budget opgestallt hunn. Mir wäerten daitlech manner héich Uelech-präisser hu wéi déi, déi mer ugeholl hunn, wéi mer de Budget opgestallt hunn. Mir wäerten daitlech manner Inflatioun hu wéi déi, déi mer ugeholl hunn, wéi mer de Budget opgestallt hunn. Mir wäerten daitlech manner héich Zënsen an der Eurozon hunn an domat och zu Lëtzebuerg wéi deen Zëssaz, dee mer ugeholl hunn, wéi mer de Budget opgestallt hunn.

Dee Budget, dee mer adoptéiert hunn an hei introduzéiert hunn den 1. Oktober 2008, ass e Budget, deen a senge fundamentalen Ausrichtungen no wéi vir Wourecht bleift, mä vun deem ee muss wëssen, dass seng Exekutioun am Detail staarken Imponde-rabilien ënnerworf ass. Dat ass wouer fir eise Budget fir d'Joer 2009, dat ass wouer fir all aner Budgeten, déi an der Euro-päescher Unioun a virun allem an der Eurozon virgestallt gi sinn.

Et gëtt mer hei eppes gesot, wat ech mat engem gewësse Mooss vun Erstaune liesen. Ech héieren dat och an den Aussoe vun eenzelne Politiker, net nëmmen aus dem Oppositionslager: D'Regierung géif hei d'Wourecht net soen. D'Wourecht -mengen ech - iwwert d'wirtschaftlech an d'finanziell Situatioun.

Ech fannen dat eng Ënnerstellung, déi bis un de Rand vun der Beleidegung geet.

Dierf ech wann ech gelift rappeléieren, dass mer, wéi mir, den Här Minister Frieden -deen eng exzeptionell gutt Aarbecht an deene leschte Méint geleescht huet - an ech, hei de Rettungsplang fir d'Banke vir-gestallt hunn, gesot hunn: Ech géif mengen, déi Kris, an där mer wieren, déi wier méi schlëmm wéi d'Stokris, déi mer an den 80er Joren haten?

Dierf ech lech drëm bieten - frëndlechst -, nozekucken, wat fir Reaktiounen dass déi Ausso provozéiert huet?

Panikmaacherei, systematesch Krise-stëmmungsschürung, Krisestëmmungs-schürung gedriwwen duerch de Wunsch, sozialen Ofbau zu Lëtzebuerg ze maachen. Dat war esou d'Generalitéit vun de Kom-mentaren, déi déi Ausso provoziert huet.

Ass haut een heibannen, dee seet, dass déi Kris, an där mer wieren, manner schlëmm wier wéi déi Kris, an där mer waren am Gesamtzesummenhang vun der Stolrestruk-turierung?

Wann een esou heibanne wier, géif ech hien ëm eng direkt Wuertmeldung bieten.

Mir sinn also der Meenung, dass déi Kris, déi mer hunn...

(Interruption)

Pardon, Madame Flesch?

» Mme Colette Flesch (DP).- D'„Tage-blatt“ ass net heibannen.

(Hilarité)

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.- D'„Tageblatt“ huet och ni richtig probéiert, richtig selwer heibannen ze sinn, well, fir heibannen ze sinn, muss ee gewielt ginn. Dat geléngt engem net, wann een net

an den Escher Gemengerot kënnt. Esou kënnt ee selbstverständlech och net an d'Lëtzebuerger Chamber vun den Depu-
téierten.

(Hilarité et interruptions)

» **Une voix**.- Den Här Di Bartolomeo
freet d'Wuert.

» **Une autre voix**.- Här Di Bartolomeo,
hutt Der eng Zwëschefro?

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier
Ministre, Ministre d'État, Ministre des
Finances*.- Ech kann lech nëmmt félici-
téieren, dass Der dat fir e bessert Gremium
verlooss hutt.

(Hilarité)

» **Une voix**.- En ass nach net eraus.

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Dat ass ze
diskutéieren.

(Interruption)

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier
Ministre, Ministre d'État, Ministre des
Finances*.- Dir mengt, Här Bettel, d'„Tage-
blatt“ wier besser wéi d'Regierung?

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Neen, neen,
op kee Fall!

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier
Ministre, Ministre d'État, Ministre des
Finances*.- Dann hutt Der also einfach
eppes wëlle soen?

(Hilarité et applaudissements)

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Et ass, just
den Här Di Bartolomeo..., et kann een
diskutéieren.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier
Ministre, Ministre d'État, Ministre des Fi-
nances*.- Ech hunn den Här Di Bartolomeo,
deen ech als Minister, als Kolleeg an als
Frënd schätzen, léiwer a menger Regierung
wéi an enger Redaktioun, déi d'Regierungs-
politik net am vollen Ėmfank positiv be-
gleede kann.

(Hilarité)

Duerfir heescht et jo vum „Tageblatt“, et wier
eng Zeitung, déi no bei der LSAP géif stoen,
an duerfir kënnt Der all Dag am „Lëtze-
buerger Wort“ liesen, wéisou et wouer ass,
dass d'„Lëtzebuerger Wort“ eng Zeitung
ass, déi no bei der CSV wier... Déi eenzeg
Parteizeitung, déi ech nach zu Lëtzebuerg
kennen, ass de Journal vum Lëtzebuerger
Vollek.

(Hilarité)

Onofhängeg vun deem, wat eis amü-
séierend ka Streckeweis auserneendriwen,
musse mer wëssen, dass mer an enger
exzeptionell graver Wirtschaftssituatioun
ukomm sinn.

Ech wëll hei net, well dat géif de Kader vun
dëser Debatt a vu menger Riedezäit
sprengen, d'Analys maachen, wéisou a
firwat dass dat geschitt ass. Déi Kris, déi
Finanzkris ass an Amerika fortgaangen an
deem Beräich, deen een haut, well all
Mënsch weess, wourëm et sech do handelt
- heiansdo froen ech mech zwar, ob dat
wouer ass -, den „subprime“-Beräich nennt.

Mir hu laang gemengt an Europa - ech och -,
déi „subprime crisis“, déi Verschëldungskris
vun den amerikaneschen Haushalter, géif
aner Deeler vun der amerikanescher Wirt-
schaft net erreechen. Mir hu laang gemengt,
nodeem déi Kris d'Realekonomie an Amerika
erreecht hat, si géif Europa net erreechen. Si
huet Europa erreecht. Mir waren eigentlech
voll geblose mat enger gewëssener Con-
descendance, déi doranner bestanen huet,
fir ze mengen, den europäesche Wirtschafts-
zyklus wier definitiv déconnectéiert vum
amerikanesche Wirtschaftszyklus. En ass et
erkennbar net.

Wéisou et zu där „subprime crisis“ komm
ass, doriwwer sinn dausend Artikele ge-
schriwwen ginn, virun allem vun deenen, déi
déi Kris net virausgesinn hunn an elo be-
weisen, firwat dass dat huet missen esou
kommen. Kloer ass, dass eng Finanz-
wirtschaftslogik, déi dorop opbaut, dass ee
ka Sue verdéngen, ouni ze schaffen, an
dass ee ka seng Sue schaffe loossen
anstatt ze schaffen, fir méi räich ze ginn,
definitiv gescheitert ass.

Ech liesen heiansdo, och d'Lëtzebuerger
Politik hätt am Regulierungswiesen hir
Aufgab net erfüllt.

Däerf ech drun erënneren, dass mer an Eu-
ropa ëmmer zu deenen zréckhalende Kräfte
gezielt hunn, ënnert där fréierer Regierung
an ënnert dëser Regierung, wann et dorëm
gaangen ass, deem blannen Deregu-
léierungswahn eng fräi Bunn ze briechen?

Däerf ech un déi vill Rieden erënneren, déi
ech mat ongläichméisseg verdeelter
Zoustëmmung an dësem Haus gehalen
hunn iwwert déi frenetesche Deregulie-
rungspolitik an Europa, déi mir zu Lëtze-
buerg ni esou matgemaach hunn?

Däerf ech drun erënneren, dass déi Dere-
guléierungsphas an enger Period an Eu-
ropa entstanen ass, déi manifestement eng
Regierungsmajoritéit de gauche hat, déi
ganz oft deene puer, déi de droite waren,
net nogelauschtert huet?

Däerf ech doraus d'Konklusioun zéien, dass
ee keng primitiv parteipolitesch Schluss-
folgerungen aus deem soll zéien, wat hei
geschitt, ansonsten een emol historesch
Rappeller kéint an d'Gesicht geschleiert
kréien, mat deenen et schwierig wier, sech
auserneenzesetzen?

D'Gauche ass net manner responsabel fir
déi Kris wéi déi, déi normalerweis als Kräfte
vum Zentrum oder vun der Droite be-
schriwwen ginn. Ech soen dat net. Ech kann
dat duerch Praxis an duerch Erfahrung be-
weisen, dass dat esou war.

Et gëtt gesot, d'Regierung géif sech der
Wourecht net stellen. D'Regierung mécht
dat, well mer soen, dass mer am Joer 2009
ee Wirtschaftswuesstum wäerte kréien, dee
sech - de Statec wäert dat an den nächsten
Deeg publizéieren - tëschent minus 0,5 a
plus 0,5% zu Lëtzebuerg wäert bewegen.

D'Regierung seet d'Wourecht, well ech lech
haut scho soen, dass mam Datum vum 19.
Februar d'Europäesch Kommissioun nei
Wirtschaftszuelen iwwert d'europäescht an
d'lëtzebuergesch Wuesstum wäert pro-
duzéieren, déi daitlech méi niddreg si wéi
déi Zuelen, déi mer bis haut kennen.

Ech ginn also dovun aus - obschonn ech
dat Wuert net extrem gär hunn an obscho
mer am Joer 2008 manifestement net an
esou enger Situatioun waren -, dass mer am
Joer 2009 entweder an d'Rezessioun
kommen oder an d'Lach vun der Rezes-
sioun kucken. Doraus musse mer Schluss-
folgerungen zéien.

Mir hunn hei, de Minister Frieden an ech
selwer, de Budget fir d'Joer 2009 den 1.
Oktober 2008 am Parlament abruecht. Et
gehéiert zu deenen net kleng Méritë vun
einem Budgetsrapporteur, dem Kolleeg a
Frënd Norbert Hauptert, dass hien un den
Ufank vu sengem schréftleche Bericht eng
Zitatesammlung gestallt huet, déi sech ze-
summesetzt aus Deeler vu menger Inter-
ventioun hei den 1. Oktober 2008.

Dir hutt déi alleguer nogelies an Dir hutt
festgestallt, dass d'Regierung zu kengem
Moment Zweifel opkomme gelooss huet
iwwert d'Gravitéit vun der Situatioun an
iwwert d'Mutmaassung, dass d'Situatioun
sech kéint wesentlech verschlechtere par
rapport zu deenen Donnéeën, déi mer
haten, wéi mer de Budget am September
2008 opgestallt hunn.

All Prognosen, de Wuesstum betreffend,
sinn zënterhier drastesch no ënne revidéiert
ginn. Dat ass wouer fir d'Europäesch
Kommissioun. Dat ass wouer fir den Inter-
nationale Währungsfong. Dat ass wouer fir
d'OECD. An dat ass wouer fir vill aner
Expertisen.

Ech hunn d'Erfahrung gemaach an engem
schonn - wéi et jo ville virkënt - ze laange
politesche Liewen, dass ee kee blannt Ver-
trauen an d'Experten däerf hunn, well déi
Konsensexpertise vun de leschte Joren
d'Weltkommunautéit eigentlech a Rich-
tungen ofgedriwwen huet, virun deenen ech
heiansdo timiderweis heibanne gewarnt
hunn, déi net gutt ware fir d'Mënschen.

Experten hin oder hier, ech brauch keng
Experte fir feststellen, dass mer an der
Kris sinn. Ech brauch keng Expertise, déi
mech driwwer beléiert, dass d'Lëtzebuerger
Ekonomie an der Kris ass. Et sinn iwwer 50
Betriber a Kuerzaarbecht. Et sinn iwwer
4.000 Leit, déi all Mount 20% manner ver-
dénge wéi dee Mount virdrun.

Wat virun allem déi sech emol solidaresch
sollen iwwerleeën, déi eng geséichert
Aarbechtsplaz hunn, wou Lounofbau emol
net eng Anomalie ass, emol net eng Ex-
ceptioun ass, mä eng Exklusivoun ass. Déi
wëssen net, wéi et Leit ass, déi mat Mo-
schwieren op d'Aarbecht ginn, well se
fäerten hir Aarbecht ze verléieren, well se
fäerte kuerzschaffen ze mussen, well se net
wëssen, ob hire Betrib déi Kris hei iwwerlieft.

Ech bieten emol drëm, dass een e bësse
Leift huet fir déi, déi net duerch d'Gesetz an
de Statut protegéiert sinn. Anerer leide méi
ënnert der Kris wéi déi eng. Ech hätt gären,
dass déi eng Solidaritéitsgedanke genuch
opbrénge fir déi aner, fir dass mer gemein-
sam aus där Situatioun hei kënnen eraus-
kommen.

Ech hunn den 1. Oktober heibanne gesot -
de Rapporteur huet dat nätzlecherweis

rappeléiert -, dass d'Regierung net géif eng
Politik maachen, déi géif waarden, dass
eppes géif geschéien, mä dass d'Regie-
rung eng Politik géif maachen, fir dass
eppes geschitt.

Elo ass d'Fro - d'Regierung huet de Budget
den 1. Oktober 2008 virgeluecht; zënterhier
hu sech all Prognosen, wat de Wirtschafts-
wuesstum ubelaangt, verschlechtert -, ob
d'Regierung déi falsch Äntwerten an hirem
Budget fir d'Joer 2009 ginn huet.

Huele mer emol eng Sekonn un, eng Zéng-
telsekonn, mir wiere bei der Praxis vun de
leschte Jore bliwwen. Déi huet doranner
bestanen, dass mer de Budget fir d'Joer
duerno am Juli abruecht hunn; dat heescht,
en am Mäerz, Abrëll, Mee virbereet hunn.
Huele mer emol eng Sekonn un, mir hätten
dee Budget einfach esou abruecht, ouni
d'Investissementer staark an d'Luucht ze
setzen, ouni d'Steiere staark erofzesetzen,
ouni d'Solidaritéitsinstrumenter iwwert de
Wee vun de Steierkreditter no uewen ze
pushen. Da géif ech verstoen, wann een no
der Eintrübung vum Weltkonjunkturklima,
vum Eurokonjunkturklima a vum Lëtze-
buerger Konjunkturklima - am September
hätte mer en dann abruecht, nodeem mer
en am Juli virgestallt hätten - verlaangt hätt:
Dir musst dee Budget do upassen.

Hätte mer d'Investissementer net an
d'Luucht gesat, hätte mer d'Steieren an där
Situatioun belooss, wou se sinn, da géifen
d'Gesamtstatsfinanzen am Joer 2009 mat
engem Iwwerschoss vun 3,8% vum Brutto-
inlandsprodukt ofschléissen. Déi Proposi-
tiounen, déi mer gemaach hunn, schléissen
am Gesamteresultat mat engem Iwwer-
schoss vun 1,1% aus. D'Europäesch Kom-
missioun mengt souguer an hirem leschte
Statement iwwert d'Lëtzebuerger Stats-
finanzen, et géifen 1,3% ginn.

Ech sinn der Meinung, dass et ee Minus
gëtt am Joer 2009. Ech sinn der Meinung,
dass mer een Defizit am Joer 2009 kréien.
Ech wëll kengem Mënsch an der Chamber
oder am Land dat verstoppen.

Mä huele mer emol un, mir hätten dat dee-
moos esou gemaach. Wat wieren dann
d'Fuerderungen haut? Da wieren d'Fuerde-
rungen: Setzt d'Steieren erof! Setzt d'Inves-
tissementer an d'Luucht! Hëllef deene Leit,
déi sozial schwaach sinn! Baut d'Famillje-
betrieungsstrukturen aus! Maacht eppes a
Richtung vu Betriber! Maacht eppes a
Richtung vun Attraktivitéit a vun Attraktioun
vun auslänneschen Aktivitéiten zu Lëtze-
buerg! Setzt d'Besteuerung vun den Divi-
denden erof! Setzt d'Quellebesteuerung vun
de Bausparverträge erof! Maacht eppes fir
de Logement!

Elo wëllt den Zoufall - mä war et een Zoufall?
-, dass d'Regierung dat alles schonn an
hirem Budget gemaach huet, dee se hei am
Oktober abruecht huet. Firwat huet d'Re-
gierung dat gemaach? Liest no, wann Der
mer déi Frëndlechkeet wëllt erweisen, wat
ech gesot hunn, wéi mer de Budget hei
abruecht hunn. Dunn hu mer gesot: Mir ginn
op eng Wirtschaftskris zou. A mir mussen
elo, anstatt d'Hänn an de Schouss ze leeën
an anstatt ofzewaarden, wat geschitt, aktiv
eppes maachen, fir dat Schlëmmst ze ver-
hënneren.

Wann een also elo behaupt, d'Regierung
hätt am Oktober déi falsch Äntwert ginn,
obscho mer gesot hunn, firwat dass mer déi
Äntwert géife ginn. An déi war inflatiouns-
bedéngt, wat d'Steierpolitik ubelaangt,
wéinst der héijer Inflatiounsentswécklung am
Joer '08, an déi war krisebedéngt wéinst
dem sech ofzeechnenden Zesummefall vun
der europäescher Konjunktur.

Wann ee sech also domadder ausernee géif
setzen, ouni dass d'Regierung dat ge-
maach hätt, géif ech d'Reaktioun verstoen,
déi een haut huet. Mä well d'Regierung
awer eng adequat Äntwert formuléiert huet,
kann ech net erkennen, firwat dass d'Re-
gierung hir Äntwert elo soll ëmformuléieren.

Wann ee freet, fir spéitstens Mäerz ee
Budget rectifié oder rectificatif, en No-
besserungsbudget ze maachen, hunn ech
duerfir - wéi soll ech soen? - ee gewëssent
wëssenschaftlecht Verständnis. Ech halen
dat fir keng exorbitant an total dernieft
Fuerderung.

Ech weess och, wéi se entstanen ass, déi
Fuerderung. Wann de President vun der
LSAP seet, de Budgetsminister géif dem
Land d'Wourecht net soen, kann een net
verlaangen, dass d'Oppositionsparteie
soen: Dat do ass alles, wéi et soll sinn. Déi
zwee ire sech fundamental, mä dat ass eng
aner Saach. Ech hu mech an déi intern
Reiwereien do net anzeméschen, interes-
séiere mech och emol net marginal derfir.

Mä wa mer elo géifen eis op de Wee
maachen, fir ee rektifizéierte Budget fir
d'Joer 2009 virzeleeën am Mäerz, da géif
dat jo heeschen, dass mer dee Budget

spéitstens Enn Januar missten an d'Pro-
zedur ginn. Well mir hätte jo gären, dass
d'Berufschamberen, dass de Conseil d'État
an alleguer déi aner sech dozou kënnen
äusseren.

Ass een heibannen - wann en hei ass, soll e
sech direkt erhiewen; ech sinn zu all Match
bereet -, dee wierklech mengt, e géif den
18., 19., 20. Januar endgültig alles wëssen,
wat en haut nach net weess?

Ech soen, bescheide wéi ech sinn - Dir
kennt meng Modestie, déi spréchwierlech
ass -: Ech weess et net.

(Hilarité)

Wann ee manner modeste heibannen ass,
wann ee schonn alles weess vum Joer
2009, qu'il se lève et qu'il nous dise, wéi een
da soll d'Zuelen ännere fir d'Joer 2009. Ech
wéisst net, hätt ech se haut ze änneren, wéi
ee se ännere misst.

Ech ginn zou, dass ech dovu manner versti
wéi anerer. Mä wann déi, déi méi verstinn
dovu wéi deen, deen hei schwätzt, méi
wëssen, wier et gutt, wéinst der Evolutioun
vun der kuerzfristeger Geschicht vum Land,
wa se elo hei géifen opstoen a soen, de
Wirtschaftswuesstum ass -0,28; d'Inflatioun
ass 2,21; den Dollar steet 1,28; 29; de
Pétrolspräis ass 52/48.

Wann een dat weess, an een, deen e
Budget rectifié am Mäerz wëllt hunn, muss
dat wëssen, da soll e mer déi Donnéeën
haut ginn, fir dass mer eis dat kënnen
iwwerleeën a fir dass mer dat kënnen an eis
Iwwerleeeunge konstruktiv fir d'Weider-
féierung vun der Politik abauen.

Wa keen dat weess, ech géif mengen, kee
wéisst dat, well ech kenne keen an Europa -
ech kennen der jo awer vill an Europa, als
Obermufti vum Eurogroup -, deen déi Froe
weess.

Firwat gëtt eigentlech vun der Lëtzebuerger
Regierung a vu mir verlaangt, op Froen eng
Äntwert ze hunn, op déi keen eng Äntwert
huet? Firwat? Huet dat net vläicht domat ze
dinn, dass mer am Géigesaz zu aneren ee
Rendez-vous mat dem Vollek hunn am Juni,
an dass een elo de Previsiounsheld wëllt
spillen, ouni d'Previsiounsméiglecheete
voll ausschäffen ze kënnen, well keen dat
de Moment kann?

Ech stelle just déi Fro, ech beäntwerte se
net. Mä andeem ech se stellen, wollt ech se
eigentlech gläichzäiteg beäntworten. Ech
muss soen, aacht oder néng Méint virun de
Wahlen, ech weess net, wéi d'Joer 2009
sech am Detail ofspille wäert.

Ech weess just eppes: Mir kënnen...

(Interruption)

Wat gelift?

» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Ech
weess et och net.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier
Ministre, Ministre d'État, Ministre des
Finances*.- Dir sidd jo onofhängeg, Här
Jaerling, wat lech jo erlaabt, méi...

(Hilarité)

» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Dofir
hunn ech awer vill Problemer manner.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier
Ministre, Ministre d'État, Ministre des
Finances*.- Enfin, dofir hutt Der awer vill
Publicitéit méi. Dir hutt vläicht Problemer
manner wéi déi aner, mä vu dass Der
onofhängeg sidd, hutt Der jo eng Opmierk-
samkeet vun de Lëtzebuerger Medien, déi
ech mer heiansdo wënschen, wann ech
meng Gedanke virdroen.

Dat ass net ëmmer de Fall, mä vu dass ech
ganz frau mat lech sinn, sinn ech natierlech
frou, dass Dir déi Opmierksamkeet fannt,
déi Der verdéngt.

» **M. Aly Jaerling** (Indépendant).- Oh,
ech kann lech den Trick soen.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier
Ministre, Ministre d'État, Ministre des
Finances*.- Enfin!

(Hilarité)

Ech wëll lech just soen, Här Jaerling,
wa jiddweree vun eis esou trickräich
wier wéi Dir, da géif et kee Parlament méi

ginn, da géif et just nach 60 Deputéierte ginn.

Wann also jiddwereen esou wier wéi Dir - ech wëll awer net dem Här Gibéryen seng Ried hei halen; hien huet lech dat wahrenscheinlech scho gesot; ech kämpfe jo och net fir dat permanent Iwwerliewe vun der ADR -,...

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Ech lauschteren lech léiwer no wéi him.

(Hilarité)

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.- Dat kann ech och souguer ganz gutt verstoen!

...mä wa jiddwereen nëmmen dat mécht, wat hie selwer fir richtig fënnt, da fënnt d'Politik an dësem Land net méi statt.

D'Demokratie ass, de Wëlle vun der Majoritéit ze respektéieren an un der Wëllensbildung vun der Majoritéit deelzehuelen. Dat ass méi ustrengend, wéi fir sech eleng a sengem Eck de Ball ze spillen.

(Interruption)

Jo, wësst Der, ech hu vill Sënn fir meng eegen Onofhängegkeet. A wann hei am Land alles géif esou goen, wéi ech et gären hätt, da géif viles anescht goen, mä da géif awer näischt méi goen. Da géif näischt méi goen!

Et muss ee bereet sinn als Demokrat, un der Wëllensbildung vun der Majoritéit deelzehuelen. Dat bedéngt ee grouse Verzicht op egozentresch Iwwerleeungskreesser, mä dat ass wat d'Force vun der Demokratie mécht: «Sans compromis, il n'y a pas de démocratie.»

» Une voix.- Très bien!

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.- Onofhängeg vun all deem, sinn ech der Meenung, dass d'Regierung an hirem Budgetsentwurf fir d'Joer '09 déi richtig Äntwerte formuléiert huet.

Wat maache mer an deem Budget 2009?

Och scho mat Bléck op d'Kris an obscho mer net déi total Déift vun där Kris virausgesinn hunn, wéi keen aneren an der Welt a wéi keen aneren an Europa: Mir soen, mir probéieren eng lëtzebuergesch Äntwert op d'Kris. Ech wëll zu där lëtzebuergescher Äntwert op d'Kris eppes soen.

Keen heibanne soll mengen, mir kéinten eng hausgemaachte Wuesstumspolitik an ee Wuesstumsresultat zu Lëtzebuerg produzéieren, wann de Rescht vun der Euro- a vun der Welteconomie sech réckleefeg entwéckelt. Een, dee mengt, mir kéinten zu Lëtzebuerg hausgemaachte Wuesstum produzéieren, während ronderëm eis alles zesummebrécht, deem iwwerschätzt d'Méiglechkeeten an d'Potenzialitéiten an d'Virtualitéiten an d'Energiebündelunge vun dësem Land.

Dat kënnen mer net. Ayons la modestie de l'avouer.

Mir kënnen keng Wuesstumspolitik eleng zu Lëtzebuerg entfachen, wann de Rescht vun der Welt de Kriibsgang - wirtschaftspolitesch betruecht - geet.

Mir kënnen zwou Saache maachen. Mir hunn, wat d'europäesch Makroökonomie ubelaangt, Influenz an den europäesche Gremien, besonnesch an deenen, déi d'Eurozon betreffen, dat heescht den Eurogroup.

Firwat mengt Dir, dass ech mech mat Energie derfir verwenden, dass mer eng europäesch Äntwert op d'Automobilkris mussen entwerfen?

Éischstens, well ech fannen, an dat ass meng Aufgab do, dass dat am Intérêt vun der europäescher Ekonomie ass. Zweetens, well ech fannen, dass dat am Intérêt vun der Lëtzebuurger Ekonomie ass.

Mir hunn e puer Dose Betriber, déi der europäescher Automobilindustrie zouschaffen. Déi, déi schreiwen a soen, wa mer d'Vollindexéierung géifen aféieren, da géifen d'Betriber zwar e bëssen am Ufank misse bezuelen, mä herno géifen d'Leit, déi jo méi Kafkraaft hätten, bei hinnen akafen, si jo vun enger Naivitéit beschloen, déi kee Wuert

vun deem, wat bis haut Agank an d'Ëmgankssprooch fonnt huet, genügend vun der Naivitéit hier ka beschreiwen.

Keeft ee Lëtzebuurger Blech? Keeft ee Lëtzebuurger Ersatzartikelen an Detailartikele fir d'Autoen? D'europäesch Automobilbranche keeft dat. Wat fir ee Lëtzebuurger huet fir d'lescht bei Husky akaaft?

Wat soll dee Blödsinn, esou ze maachen, wéi wa mir total lassgeléist wiere vun all deem, wat europäesch a weltwirtschaftsméiglech betruecht d'Realitéitslinne vun haut ausmaachen?

Mir kënnen also keen eegene Wuesstum produzéieren.

Mir kënnen eng Politik maachen, déi aus zwee Deeler besteet, oder dräi. Mir kënnen eng Politik maachen, déi, well se gescheit ass, well se zukunftspektivesch orientéiert ass, d'Startchancë vun der Lëtzebuurger Wirtschaft, d'Wuesstumspotenzialchancë vun der Lëtzebuurger Wirtschaft no uewe korrigéiert; wann déi Wirtschaftskris hei - ech mengen, dass se laang dauert - enges Daags eriwwer ass a mer a bessere Startpositiounen kënnen fortlafen, wéi déi meescht vun deenen aneren, vläicht och wéi all déi aner.

Duerfir huet d'Regierung decidéiert, wat ech och schonn an der Finanzkommissioun explizéiert hat - wat erëm explizéiert, firwat dass eenzel politesch Parteien dat elo als Fuerderung presentéieren, wat ech deemools als Propositionen an der Chamberskommissioun avancéiert hat -, fir ee ganze Koup vun öffentlechen Investissementer no vir ze zéien.

Mir steigere d'öffentlech Investissementer par rapport zum leschte Joer. Mir steigere se ëm 30% par rapport zum Joer 2007. Mir si bereet, andeem mer an de Reserve schäffen, déi mer ugeluucht hunn, duerch eng contestéiert, mä nevertheless virsiichteg Politik vun de leschte Joren, Investissementer no vir ze zéien. Ech wëll lech soen, wat fir eng. Net am Detail.

Mir zéie vir am Joer 2009, alles, wat mer fir déi nächst dräi Joer virgesinn haten am Beräich vun der Renovatioun, am Beräich vun der Reparatioun, am Beräich vum Entretien. Firwat?

Dir kritt, wéi ech, vill Bréiwer, vläicht manner, mä awer och vu mittelstännege Betriber, deenen hire Carnet lues a lues eidel gëtt, déi riskéieren am Joer 2009 faillite ze maachen, déi riskéieren am Joer 2009 oder am Joer 2010 zouzemaachen. Wann ee klunge Betrib, e klunge Schlessereibetrib, e klungen Usträicherbetrib, e klunge Schräinerbetrib am Joer 2009 muss zoumaachen, well e keng Opträg méi huet, dann ass deen definitiv fort. Keen Usträicher, kee Schräiner, kee Schlessen, keen Installateur, keen aus dem Beräich vum Sanitär hält am Joer 2009 op a fänkt am Joer 2011 erëm un, wann d'Wirtschaft erëm duerchstart. Neen! Déi Betriber, déi fort sinn, déi sinn endgültig fort a si ginn ersat duerch Betriber, déi aus dem Ausland kommen.

Wat seet engem net d'Ordnungspolitik? Déi hëllef engem ni, wann et seriö gëtt. Net d'Iwwerzeegungen, déi hëllef engem nëmme wéineg, wann et seriö gëtt. Wat seet engem de gesonde Mënscheverstand? Mir mussen derfir suergen, dass déi kleng Betriber zu Lëtzebuerg erhale bleiwen, fir iwwert déi Duuschtstreck ewechzekommen, déi duerch d'Wirtschaftskris an Europa an an der Welt entsteet. Duerfir zéie mer all déi Aarbechte vir an d'Joer 2009, déi vu klunge Betriber kënnen gemaach ginn, vu klunge Betriber heiheem, vu klunge Betriber aus der Groussregioun, mä virun allem vu klunge Betriber heiheem, fir dass se hir Aarbechtsplaze kënnen halen.

Mir wëlle verhënneren - duerch eng aktiv, cibléiert Wirtschaftspolitik, duerch eng aktiv, cibléiert Baurenovéierungspolitik, duerch eng aktiv, cibléiert Energieersatzofferte par rapport zu deem, wat mer haut hunn, duerch eng cibléiert Reparatur- a Renovatiounspolitik -, dass Aarbechtsplatzvernichtung stattfënnt, an dass Betribsvernichtung stattfënnt zu Lëtzebuerg. Dat ass dat, wat mer kënnen maachen, fir eise Betriber ze hëllef, fir dass dat, wat normal ass an Zäite vu wirtschaftlech Réckgang, nämlech hir Disparitioun, net stattfënnt, well mer net akzeptéieren, politesch net akzeptéieren, wirtschaftlech net akzeptéieren, akommespolitesch net akzeptéieren, soziologesch net akzeptéieren, dass elo déi kleng Betriber déi Eischt sinn, déi an dëser Period vu Wirtschaftsreckgang verschwannen.

Well mer och wëssen, dass de Mëttelstand besonnesch wirtschaftsdynamesch ass, besonnesch aarbechtsplatzschafend ass, a well mer och wëssen, dass déi kleng Patronen, am Géigesaz zu deene groussen, wéi mer dës Deeg kënnen liesen, net als

éischte Reflex hunn, d'Leit erauszegeheien, mä als éischte Reflex hunn, d'Leit dobannen ze behalen an hire Betriber, duerfir wëlle mer deene klunge Betriber zu Lëtzebuerg, déi tëschent fënnef an zéng an 20 a 50 Leit sinn, d'Méiglechkeet ginn, iwwert d'Virzée vun öffentlechen Aarbechten a verschidenste Beräicher, Aarbechten ze hunn, déi hinnen et erlaben, normal kënnen ze schaffen, an déi hinnen et erlaben, hir Leit a Beschäftegung kënnen ze halen.

Dat Zweet, wat mer maachen, ass, dass mer d'Hëllef, déi d'Betriber kréien, wa se Leit astellen, déi aarbechtslos sinn, ganz staark an d'Luucht setzen. Haut kann een, stellt een ee Mënsch an, dee keng Aarbecht huet, als Betrib 10% vum Bruttoloun als staatlech Subventioun kréien. Keen anert Land huet iwwergens esou e System. Dat setze mer op 15% erop.

Firwat maache mer dat? Mä an der Erwaardung, dass déi Leit, déi entlooss ginn - well d'Wirtschaftskris déi ass, déi se ass, well d'Sozialkris déi ass, déi se ass -, séier an anere Betriber eng Aarbecht fannen, an dass déi Patronen, déi se astellen - well mer hinnen hir Aktivitéite jo erhalen duerch staatlech Interventioun an Investissementsinstitutionen -, déi Leit kënnen astellen, begleet vun enger staarker finanzieller Hëllef duerch d'öffentlech Hand.

Ass dat eng lëtzebuergesch Äntwert op d'Kris, dass elo all Betriber, déi, well se fäerten, si hätten net méi genuch Aarbecht, entloossen, dass ëmmer méi Leit an de Chômage kommen, dass ëmmer méi Leit an de Chômage partiel kommen, dass ëmmer méi Leit manner verdéngen, dass mer mengen, ëmmer méi Leit, déi manner verdéngen, géife gradesou vill konsuméieren, wéi wa se nach méi géife verdéngen, oder ass d'lëtzebuergesch Äntwert net déi Offerte vun der Regierung?

Mir hëllef dem Mëttelstand, mir hëllef dem Handwierk, mir hëllef dem Commerce, fir dass se hir Aktivitéiten op d'mannst op deemselwechten Niveau kënnen halen. Mir hätte gären, dass se d'Leit net géifen entloossen, a wann et net anescht geet, hätte mer gären, dass anerer, déi virukommen, well de Stat hëllef, déi Leit, déi keng Aarbecht hunn, astellen, andeem se 15% Bruttolounbedeelegung vum Stat kréien. Ass dat net eng Offerte fir d'national Communautéit, fir hei net anzubriechen?

Ass et net noutwendeg a Momenter, wou et méi schwierig ass, ze soen, déi eng mussen e bësse verzichten, fir dass mer alleguerten eng Aarbecht hunn, an déi, déi eng Aarbecht wëllen, mussen, well mer de Betriber Sue bäiginn, gehollef kréien eng Aarbecht ze kréien? Oder soe mer: Ech sinn ee fir mech, mech interesséiert net dat, wat ronderëm mech geschitt, mir ass alles egal, wat mam Land geschitt, mir ass et egal, ob aner Leit eng Aarbecht hunn? Oder ass net vläicht de Moment komm, well mer jo ëmmer gäre vu Solidaritéit schwätzen, Nationalfeiertag an op aneren Deeg, fir praktizéiert a praktizéierend Solidaritéit vun deenen enge par rapport zu deenen aneren ze üben? Ech menge schonn, dass dee Moment komm wier.

Mir setzen d'Steieren erof. Do kann ee laang driwwer streiden, ob dat eng Steuerentlastung oder eng Steuerpassung ass. Wësst Der, wann déi Däitsch - ech weess net, awéifern dass Dir dat parteipolitesch Liewen do verfollegt an den Nopeschlänner, ech menge schonn e bëssen, wann ech eenzel Bicher liesen, schéng mer jo do Influenzen an der Terminologie ze sinn - géifen haut, wat se net maachen, d'Steieren tëschent néng an 11,5% erfesetzen, da géif jo e germaneschen „Uff“ duerch Europa goen a soen: Enfin huet eng Regierung bekäppt, wourëms et geet! Wann aner Regierungen an Europa dat géife maachen, da géif dee germaneschen zu engem kontinentalen „Uff“ ginn.

Ech presidéiere jo deen Eurogroup ëmmer manner gär, mä et muss ee viles presidéieren, wat ee fréier léiwer hat wéi haut. All Regierungen sinn eigentlech dergéint, Steuererlichterungen ze maachen. Mir haten eng grouss Péng, den Här Krecké an ech, am Eurogroup de leschte Méindegend ze erklären, dass mir géife Steuererlichterungen zu Lëtzebuerg maachen. Déi soen: Anstatt Steuererlichterungen ze maachen, firwat verzicht Dir net dorobber an Dir macht esou vill Investissementsausgabe méi, wat jo méi streckenföhrend ass an d'Zukunft? Do hu mer gesot, mir wieren der Meenung, dass een d'Kafkraaft misst stäerken.

Mir haten am Mee heibannen ugekënnegt, dat wiere 6%. Mir hunn elo 9% Tarifadaptatiounen ugekënnegt an 11,5% Gesamtsteierofsenkung. Dat ass ee beträchtliche Montant, dee mer Steierofsenkung

maachen. Ob dat elo Steuererlichterung heescht oder Steuerpassung, dat ass mir relativ egal. De Leit iwwergens och. Dat sinn där Milliounen vill. Dat sinn e puer honnert Milliounen méi Kafkraaft fir d'Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, a fir d'Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen. Mir hu se cibléiert gemaach.

Et gëtt ëmmer vun der Politik verlaangt, besonnesch wann et ëm d'Sozialpolitik geet, méi selektiv ze sinn. Ech fannen, dass, wann et ëm d'Steierpolitik geet - wat fir mech ee sozialen Ëmverdeelungsprozess ass, dat ass den Objet vun der Steuerpolitik -, déi och selektiv gemaach muss ginn. Mir verwandelen den Arbeitnehmerfreibetrag an een Nettosteierkredit. 300 Euro d'Joer fir jiddwereen. Déi komme bei déi 922,5 Euro, déi elo monatlech ausbezuelt ginn, wat och wichteg ass, vum Kannerbonus derbäi. Dat mécht iwwer 1.200 Euro fir e Mindestlounbezéier, deen ee Kand huet.

Wa mer nëmme Steuerpolitik maachen, wa mer der Steuerpolitik kee sozialen Akzent ginn, hunn déi Leit dovun, vun alle Steuererlichterungen, guer näischt. Mat der Politik vun dëser Regierung a vun dëser Koalition kritt e Mindestlounbezéier am Joer 2009 1.200 Euro méi duerch sozial- a steierpolitesch Interventiounen. Derbäi kënnt nach, dass de Mindestloun am Joer 2009 erhéicht gëtt, wat och ee ganz beträchtliche Montant a sengem Gesamtpakt wäert ausmaachen, grad wéi d'Aféierung vun engem Rentnersteierkredit, dee 35 Milliounen kascht, dee vun de Mindestlounbezéier kascht 55 Milliounen Euro. All Mindestlounbezéier, all kleng Rentner kréien duerch d'Kombinatioun vun der Mindestlounerhéijung 2%, a vun dem Ajustement vun de Renten a Pensiounen 2% plus derbäi, duerch d'Steier- a Sozialpolitik, a mir stäerken domat d'Kafkraaft vun deenen Deeler vun eiser Bevölkerung, déi méi een ausgeprägte Konsumhang hu wéi déi, deenen et besser geet wéi deenen, déi näischt hunn, quitte dass se sech onendlech méi bekloe wéi déi, déi näischt hunn, a leider Gottes heiansdo vill ze vill Gehéier fannen.

Wa mer also selwer keen hausgemaachtend Wuesstum kënnen produzéieren, wat ass dann d'Aufgab vum Budget a vun der staatlecher Politik?

Déi besteet doranner, fir an eisen internationale Kontakter - den Eurogroup ass do vu grousser Hëllef - fir eng europäesch Relance ze suergen, déi zum Gudden ass vun eisem Land.

Mir exportéieren 179% vun eisem Bruttoinlandsprodukt. Mir importéieren 140% vun eisem Bruttoinlandsprodukt. Mir exportéiere vun all deem, wat mer exportéieren, 86% an d'Eurozon. Et muss also d'Aufgab si vun der Lëtzebuurger Politik, „Euro-Influenz“ ze hunn, fir dass do d'Saachen erëm an d'Gang an an d'Spur kommen. Dat muss mer maachen. An heiheem kann eis Aufgab nëmmen doranner bestoen, fir Investissementer ze maachen op engem staarken Niveau, déi eis et erlaben, besser duerchstarten ze kënnen, wann d'Kris eriwwer ass.

Duerfir och déi nei Investissementer am Breetbandberäich, am IT- an E-Beräich, fir déi de Minister Schiltz zoustänneg ass; duerfir nei Investissementer am Beräich vun der Ëmwelt, fir déi de Kolleg Lux zoustänneg ass. Eng Ëmwelt, déi an der Rei ass, ass e Standuertvirdeel an deenen nächsten 20 Joer; eng Ëmwelt, déi net an der Rei ass, ass e Standuertnodeel an deenen nächsten 20 Joer.

Dohier eist Beméien, fir d'Recherchekreditter, fir déi den Här Biltgen an d'Madame Modert zoustänneg sinn, massiv an d'Luucht ze setzen; dohier eist Beméien, fir d'Kreditter fir d'Universitëit massiv an d'Luucht ze setzen; dohier eis Beméiung - d'Madame Jacobs ass en charge dovunner -, fir d'Kannerbetreuung staark auszubauen - dat ass jo an dëser Legislaturperiod am duebele Rhythmus geschitt wéi an der leschter Legislaturperiod - an déi Kannerbetreuung méi bëlleg fir jiddwereen ze maachen.

Alles dat zesumme weist, dass mer zukunftsorientéiert Wuesstumspolitik maachen. Woubäi ee sech zu Lëtzebuerg - ech widderhuele mech - d'Illusioun net därf maachen, mir kéinten hei eng eegestänneg hausgemaachte Wuesstumspolitik maachen.

Mir kënnen de Leit hëllef, dass déi Wirtschaftskris, an där mer sinn, hir individuell Liewensverhältnissen net op d'Kopp gehäit. Mir kënnen derfir suergen, dass hir Kafkraaft erhale bleibt. Wann d'Leit gutt inspiréiert wieren, géife si och derfir suergen, dass hir Kafkraaft sech ënner Form vun Ausgaben zu Lëtzebuerg weist, an net ënner Form vun Ausgaben op anere Plazen an der Groussregioun an Europa.

Mir hunn dee Budget realistescheweis esou gemaach, dass mer d'Akommessteuer, d'Taxe d'abonnement an d'Lounsteuer no ënne revidéiert hu par rapport zu de Recettëstänn vum Joer 2008.

Mir hätte gären, dass déi staatlech Investissementspolitik, déi mer no uewe revidéieren, och vun de Gemenge matgemaach gëtt. D'Gemenge solle wëssen, dass d'Joer 2009 e Joer ass, wou se méi Defizit kënnen maachen, wéi se dat normalerweis gewinnt sinn, ënner Berücksichtigung vun all deenen Defizitausgläichsrechnungen, déi d'Gemengen ëmmer musse maachen.

Déi Investissementspolitik, déi muss ugekuerbelt gi weinst der Augmentatioun vun den Zukunftschancen, ass net nëmmen eng staatlech Aufgab, et ass och eng kommunal Aufgab. Den Innenminister wäert dat an den nächsten Deeg duerch eng diesbezüglich Circulaire ganz däitlech maachen.

Ech résuméieren: Mir kënnen d'Weltwirtschaftskris net annulléieren. Mir kënnen d'Eurowirtschaftskris net an hiert Géigendeel verkéieren. Mir kënnen derfir suergen, mir müssen derfir suergen, mir hunn derfir ze suergen, dass d'Repercussioune vun der Wirtschaftskris op déi individuell Liewensverhältnisse vun de Lëtzebuurger keng negativ Konsequenze produzéieren, nämlech doduerch, dass mer hir Kafkraaft erhalten, nämlech doduerch, dass mer d'Solidaritéitsinstrumenter verbreedere an verstäerken, nämlech doduerch, dass mer deene kleng Betriber zu Lëtzebuerg supplementar Opträg doduerch verschafen, dass staatlech Investissements- an Interventionspolitik méi däitlech cibléiert gëtt op déi kleng Betriber, mä net nëmmen op déi, well mer och am Beräich vum Déifbau a vum groussen a vum héijen, vum extrem héijen Héichbau wëllen alleguer déi Projeten, déi mer fir déi nächst Jore programméiert hunn, op d'Joren 2009 an 2010 virzéien, esou zwar, dass d'Investissementer, déi mer am Joer 2009 maachen, wahrscheinlech tëschent 50 an 100 Milliounen Euro méi héich leien, wéi déi Investissemen-

ter, déi mer am Budget vun der Administration publique ausweisen.

De Budget vun der Administration centrale verännert sech doduerch net, well mir brauche keng Dotatiounen an d'Luucht ze setzen. Mä vu dass duerch d'Maastricht-Theorie déi effektiv getätégt Dépensë gekuckt ginn, vergréissere mer eisen Defizit selbstverständlech ëm deementspreechend Montanten. Dat muss ee kënnen akzeptéieren.

Firwat hu mer de Projet vum Budget fir d'Joer 2009 net geännert? Well ech spiere jo déi Kritik a ville Milieuen. Fir d'éischt seet jiddwereen, très bien, Investissementer, ganz gutt Steiererlichterungen, ganz gudden Ausbau vun de Solidaritéitsinstrumenter, ganz gutt Ofsécherung vun Aktivitéiten an der Economie. An dann no dräi Woche seet jiddwereen: Ass dee Budget do nach richtig?

Ech soen lech hei, dee Budget ass net méi ganz richtig. Well d'Previsiounen fir d'Wirtschaftswuesstum zënter dem September 2008 bis gëschter Owend néngmol geännert hunn, well d'Europäesch Kommissioun den 19. Januar nei Previsiounen, Wuesstumsprevisiounen fir d'Eurozon a fir Lëtzebuerg wäert maachen, déi net esou sinn, dass Lëtzebuerg 1,2% wäert wuessen, mä déi éischter bei deene Previsiounen vun der OECD tëschent -0,5 a +0,5% wäerte leien.

Wat ass dann d'Äntwert vun der Politik dodrop? Mir müssen dat jo seriö diskutéieren heibannen.

Solle mer d'Steieren net erofsetzen? Qu'on me le dise! Ech geif et entre-temps falsch fannen, fir se net erofzesetzen, mä ech stelle just fest, keen anert Land setzt se erof.

Solle mer d'Investissementer kierzen? Solle mer dee Supplément vun Investissementer, dee mer virzéien, net virzéien, mä einfach an de Joren 2011, 2012 loossen? Oder ass et net méi gescheit, se virzezéien, se elo ze maachen, well eis Betriber keng Aarbecht hunn, a se dann an de Joren 2012 an 2013 net méi an deem Ëmfang ze hunn an domat also am Budget ze wannen? Obschonn eis da gesot wäert ginn, dass mer elo d'Investissementer - falls mer nach dobäi wieren, dat ass jo och nach net ganz sécher - erëm géifen erofsetzen.

Solle mer elo higoen an de Mindestloun net erhéijen? Well dat huet och Répercussiounen op de Budget. Vill Budgetsartikelen hänken um Mindestloun.

Solle mer de Renten- an de Pensiounsajustement net maachen? Villes am Budget hänkt dodrun.

Solle mer keen Accord salarial duerchzéien? Mir hunn een ofgeschloss an der Fonction publique vu +1,5%.

Solle mer de Schoulmeeschteren, déi méi musse schaffen, hire Complément ënner Form vu Pai net ginn?

Solle mer - an dat ass en essenzielle Punkt - déi automatesch Stabilisateuren net spille loossen?

Mir sinn eis an der Eurozon eens, all Staten, déi Haushaltsmargen hunn; a Lëtzebuerg, opgrond vun den Tripartite-Décisiounen a Gesetzter, déi deelweis souguer eestëmmeg heibanne gestëmmt gi sinn, an opgrond vun der virsichteger Budgets- a Finanzpolitik, huet Margen.

Solle mer déi elo net ausnotzen? Solle mer spueren an d'Kris eran? Oder solle mer an d'Kris eran investéieren, fir eis Startméiglechkeeten ze verbessere fir deen Dag, wou d'Kris eriwwer ass?

Solle mer d'Solidaritéitswierk an d'Solidaritéitsinstrumenter um Knéi zerbréichen, anstatt se viru wierken ze loossen?

Mir sinn eis eens, dass d'automatesch Stabilisateuren spillen. Kee Mënsch zu Lëtzebuerg weess, mengen ech, wat automatesch Stabilisateuren sinn.

Wat ass dat? Dat besteet doranner, wann d'Steieren zrëckgi weinst der Konjunktur, d'Ausgaben normal lafen ze loossen, anstatt d'Ausgaben ze kierzen an domat weider konjunkturabriechend Effekter an der Gesamtpolitik ze provozéieren. Dat kann een, wann een Haushaltsmargen huet, a mir hunn där. Net am Statshaushalt, mä an de Gesamtfinanzen hu mer Margen zu Lëtzebuerg.

Ech ginn lech e Beispill. Mir hu jo enorm vill Leit elo am Chômage partiel. Ech fannen, dass et iwwregens weíneeg Opreegung zu Lëtzebuerg provozéiert, dass mer elo 4.000 Leit hunn, déi all Mount 20% manner verdéngen. Déi meescht schaffen hei a wunnen net hei, duerfir ass dat e bësse méi mitigéiert. Déi kleng Fortis-Aktionäre suerge fir méi Opreegung wéi déi 4.000 Aarbechter, déi 20% manner Pai hunn.

(Interruption)

De Chômage partiel gëtt bezuelt vum Fonds pour l'Emploi. De Fonds pour l'Emploi gëtt dotéiert mat dem Impôt de solidarité a mat dem Produkt vum Impôt de solidarité. Esou kloer wéi d'Amen am Gebiet ass, wa mer manner Aarbechtsplaze schafen d'nächst Joer wéi dëst Joer, kënn't manner Impôt de solidarité eran, an d'Ausgabe vum Fonds pour l'Emploi, notamment wat de Chômage partiel ubelaangt, ginn exponentiell an d'Luucht, vun 1 op 50 Milliounen Euro wahrscheinlich.

Automatesch Stabilisateuren heescht, ech akzeptéieren, dass d'Steieren zrëckginn, ech akzeptéieren, dass d'Dépenses an d'Luucht ginn. An ech kierzen d'Dépenses net, well ech soss grouse Schued am Wirtschafts- an am Sozialgefüge erbäiféieren an domat eigentlech wuesstumsbriechend sinn.

Wann een dat akzeptéiert, wann een akzeptéiert, dass déi sozial Solidaritéitsinstrumenter méi deier ginn, well d'wirtschaftspolitesch Effizienz ofhëlt, muss een akzeptéieren, dass ee kann am Joer 2009 een Defizit kréien, obscho mer elo mengen, laut den Donnéeë vun der Kommissioun an eisen eegenen, dass mer géifen en Excédent réaliséieren. Wat ech entre-temps selbstverständlech net méi gleewen, well ech mengen, dass mer am Joer 2009 een Defizit hunn.

Wa mer déi automatesch Stabilisateuren awer net spille loossen, kierze mer d'Entschieedegung vum Chômage partiel, kierze mer d'Indemniséierung vun der Aarbechtslosegkeet, kierze mer eng Rei vu sozialen Transferten, kierze mer domat also och d'Kafkraaft vu Leit, déi souwisou schonn ofgehall huet doduerch, dass se net méi hir voll Pai hunn, well se net méi kënnen voll schaffen.

Ergo geet alles a leschter Instanz ëmmer erëm ëm déi essenziell Notion vun der sozialer Solidaritéit an enger Gesellschaft. D'Regierung steet dozou: méi Investissementer fir besser duerchstarten ze kënnen, wa mer erëm an d'Fassong kommen; Steiererlichterungen, fir d'Kafkraaft op d'mannst ze stabiliséieren, wann net souguer ze vergréisseren - si ass an deene leschte puer Joer geklommen, géint deem, wat anerer soen -; derfir suergen, dass déi Steierzueler, déi keng Steierzueler sinn, well se net genuch verdéngen, gläichzäiteg déiselwecht Steieravantages an Nettoform kréie wéi déi, déi méi verdéngen.

Elo gëtt gesot: Budget rectifié. Ech mengen net, dass dat eng gutt Iddi wier. Mä ech mengen, dass d'Parlament awer ee Recht drop huet, am Laf vum Joer 2009 Zuelen ze kréien, déi vérifiabel sinn, insofern se kënnen vérifiabel si bis zu deem Moment. An duerfir meng Proposition. Mä well ech muss fortgoen, well den iresche Premier kënn't, wäert den Här Frieden dat - ech soen him dat elo hei - aktiv verteidegen. Meng Proposition wier - ech soen och dem Charles Goerens dat als Chef vun der liberaler Fraktioun -, fir iwwert de Stabilitéitsprogramm, wann d'Regierung deen zu Bréissel areecht, eng parlamentaresch Debatt ze féieren.

Mir musse bis un d'Enn vum Joer, Mëtt Januar, een Addendum zum Stabilitéitsprogramm virleeën. Dat ass nei. Dat hu mer dës Woch am Eurogroup decidéiert. D'Kommissioun begutachtet deen, mécht den 19. Januar nei Previsiounen iwwert de Wirtschaftswuesstum zu Lëtzebuerg a mécht am Mäerz Recommandatiounen fir Lëtzebuerg, wat déi zukünfteg Féierung vun de Statsfinanzen ubelaangt.

Ass et net méi sënnavoll, anstatt ee legislative Prozess a Gang ze setzen, dee kee Resultat ka produzéieren, well mir müssen en Enn Januar a Gang setzen, iwwert d'Zuelen ze diskutéieren an iwwert d'Reaktioun vun der Kommissioun a vun den europäesche Finanzministernen, an op déi Zuelen hei am Mäerz, Abrëll anzegoen, well ech där Debatt net wëll aus de Féiss goen? De Budget gëtt mat Sécherheet net esou ofgeschloss, wéi en elo gestëmmt gëtt, well mer d'automatesch Stabilisateuren spille loossen a well mer d'Investissementer no virzéien. Solle mer dat dann net hei am Mäerz, Abrëll diskutéieren? Dat musse mer dann zesumme kucken.

Ech sinn insgesamt der Meenung, dass d'Regierung, wann d'Parlament deem zustëmmt, hei e groussen Honnerte-Milliounen-Programm zur Verfügung stellt: fir méi Investissementer; fir Steiererlichterungen, déi d'Kafkraaft stabiliséiere respektiv stäerken; fir déi absolut Stäerkung vun der Kafkraaft vun deenen akommeschwache Kategorie vun der Bevölkerung; fir eng Verbëlleegung vum Logement, well mer do op 20 Milliounen Steiereinnahme verzichten; fir eng Verbesserung vun der Kompetitivitéit vun eise Betriber.

Well mer d'Kierperschaftssteuer erofsetzen, well mer d'Dividendëbesteierung erof-

setzen, well mer duerch d'Erhéijung vum Mindestloun - déi mécht 38 Milliounen Euro aus - an d'Erhéijung vun de Renten a Pensiounen - dat mécht 51,7 Milliounen Euro aus - ee Gesamtpak, deen ech hei net wëll chiffréieren, well ech den Zuele weíneeg Charme kann ofgewannen, op den Dësch leeën, deen eng Interventioun staatlecher Natur an d'Wirtschafts- an an d'Sozialgeschéie produzéiert am Endresultat, déi däitlech iwwer 2% vum Bruttoinlandsprodukt läit, déi sozialen Zouschnëtt huet, déi responsablen Zouschnëtt huet, well se wirtschaftspolitesche Considérations ënnerworf ass, déi eigentlech der sozialer Maartwirtschaft erëm hiert Recht erëmgëtt an dem politesch normative Prozess d'Prioritéit erëmgëtt; während d'Moud vun der Zäit jo war, fir der Politik d'Recht ofzesprechen, nach an der Wirtschaft an am Sozialgefüge kënnen ze intervenéieren.

Ech sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fundamental dervun iwwerzeegt: a) dass mir d'Wirtschaftskris an der Welt an an Europa net kënnen behiewen, b) dass mer eis Influenz an Europa musse geltend maachen, fir derzou bäizedroen, dass d'Wirtschaftsgefüge erëm zolidd gëtt an dass d'Wirtschaftsdynamik erëm zouhëlt, c) fir derfir ze suergen, dass d'Konsequenze vun der Wirtschaftskris an Europa, vun der Rezessioun, déi op Lëtzebuerg zoukënn't, déi individuell Liewensverhältnisse vun de Lëtzebuurger net negativ beaflossen, a fir d) derfir ze suergen, dass dës Kris och heiheem als eng Chance begraff gëtt, fir eis Startméiglechkeeten den Dag vun der Reprise wesentlech ze verbessere, fir eist Wuesstumspotenzial ze augmentéieren a fir d'Chancë vun eise Land méi grouss ze maachen.

Dës Kris, Här President, déi werft eis zrëck. Et ass d'Aufgab vun der Regierung, och vum Parlament a vun all deenen aneren, déi hei am Land wëlle matschwätzen, derfir ze suergen, dass, och wann déi Kris eis zrëckwerft, déi Kris eis net ëmwerft.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech ginn dem Här Stats- a Finanzminister Akt vu senger Deklaratioun. D'Wuert huet elo nach eng Kéier de Statsminister.

2. Dépôt d'un projet de révision de la Constitution

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.** - Här President, de Grand-Duc huet mech haut autoriséiert, ee Projet de révision vum Artikel 34 vun eiser Verfassung hei am Parlament anzebréngen, deen däitlech mécht, dass de Grand-Duc d'Gesetzter a Kraaft setzt, mä dass hie sech net méi muss mam Inhalt vun de Gesetzter averstanen erklären.

5967 - *Projet de révision de l'article 34 de la Constitution*

» **M. le Président.** - Ech ginn dem Här Statsminister Akt vum Dépôt vun dësem Projet, deen en déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet gëtt. Här Minister Frieden, Dir hut d'Wuert.

3. 5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)

Exposé de M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, d'Zil vun der Politik, och a vläicht virun allem vun der Finanzpolitik, muss et sinn, de Wuelstand an d'Liewensqualitéit vun de Leit ze verbessere, net nëmmen elo, mä och iwwert déi nächst Joren. Duerfir ass de Budget vun engem Joer ëmmer och d'Grundlag vu ganz ville Politike vun deene Joren duerno.

Chamber TV

weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHz

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz